Sur proposition du Collège échevinal, le Conseil communal accorde un subside extraordinaire d'un montant de 75,00 € au profit de l'association LUkraine asbl.

FIN DE LA SÉANCE ■

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vun donneschdes, dem 22. Februar 2024*

**Present:** De Buergermeeschter Max HENGEL; d'Schäffe Claude PUNDEL a Mathis AST; d'Conseillere Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN a Judith KOHLER; de Gemeenesekretär Jean-Jacques HELLERS

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

*De Buergermeeschter freet fir e Punkt (6.a) op den Ordre du jour bäisetzen ze loossen.*

### 1. Arrêté vum Innenminister - rektifizéierte Budget 2023 a Budget 2024

De Schäfferot setzt de Gemeenerot driwwer a Kenntnis, datt et säitens dem Innenminister just zwou kleng Remarken zum Budgetsprojet gi sinn. Am Budget muss eng kleng Upassung gemaach ginn déi de Leasingkontrakt vum Fierschter sengem Déngschtauto betrëfft. D'Heizkäschte vun de Kierchen, déi der Gemeen gehéieren, si vum Ministère aus engem méi kriteschen Aewénkel gekuckt ginn.

### 2. Rapport de vérification vun de Konten 2022 - Avis

11 x ☑

Am Rapport vum 15. Januar 2024, deen am Kader vum Contrôle vun de Konte vum Exercice 2022 opgestallt ginn ass, huet den Innenministère just e puer kleng Oublie festgestallt. De Gemeenerot beschléisst follgend Stellungnam:

De Waasser- an Ofwaasserpräis ass nach ëmmer net konform zum Gesetz, notamment missten extra Tariffer fir de Secteur vun der HORECA appliziéiert ginn. D'Gemeen wäert hire legalen Obligatiounen nokommen soubal all eis Dierfer un déi regional Kläranlag ugeschloss sinn. De Käschtendeckungsprinzip beim Waasser ass e grousse Chantier, deen d'Gemeen an d'Dot ëmsetze muss.

Bei der Schlussofrechnung vum Parking Cimetière fällt op, datt déi effektiv Ausgabe wäit iwwert de gestëmmten Devis ginn. Virun allem d'Aarbechten un der Kierfechtsmauer hunn d'Käschten an d'Luucht gedriwwen. Déi néideg Sue ware wuel budgetiséiert, mee an esou engem Fall, hätt de Gemeenerot missen een Zousazdevis stëmmen.

All Kontaktopnam mam Promoteur vum PAP Pälchesgäertchen bezüglech déi feelend Bankgarantie ass ignoréiert ginn. Duerch d'Faillite vum Promoteur gëtt et schwéier dës Situatioun an de Konten erëm riicht ze béien.

### 3. Presentatioun vum Plan pluriannuel de financement 2024-2029

De Buergermeeschter stellt de PPF vir, e Finanzplang deen sech iwwert méi Jore streckt. Deen Tool hëlleft Previsioune vun de Gemengefinanzen ze erstellen. Fir déi am Budget ageschriwwe Projete sinn Ausgaben néideg an dës brauchen e virauskuckende Finanzéierungsplang.

De PFF gëtt de Besoin u Finanzement erëm. Wann e beispillsweis d'Period 2025-2029 hëllt, sinn Depensë vun 28.600.000,00 € virgesin.

### 4. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 3.243.220,70 € geneeemegt. Dovu bezéie sech 1.661.466,00 € nach op den Exercice 2023 an 1.581.754,70 € op den Exercice 2024.

### 5. Budgetsreserv

11 x ☑

De Gemeenerot huet d'Budgetsreserv vun 1.128.189,61 € fräigi fir den aktuelle Cashflow Problem ze léisen. Dës finanziell Reserv ass iwwert d'Joren duerch den Iwwerschoss vum Impôt Commercial zustan kommen. Esoubal an esoulaang d'Gemeen en Emprunt huet, kann d'Budgetsreserv net méi opgestockt ginn.

### 6. a) Kreditlinn

11 x ☑

De Conseil gëtt säin Accord de principe fir eng zäitgebonne (3 Joer) Kreditlinn vun 3 Milliounen Euro opzehuelen, déi d'Gemeen net onbedéngt benotze muss mee hir hëlleft fir eventuellen zukünftegen Tresorerieproblemer aus de Féiss ze goen.

### 6. b) Emprunt

11 x ☑

De Schäfferot gëtt vum Gemeenerot geoptraagt Offere fir en Emprunt vun 11 Milliounen Euro bei de Banken unzefroen fir d'Projeten aus dem extraordinäre Budget ze finanzéieren an am finanziellem Gläichgewiicht ze bleiwen.

### 7. Geneemegung vu Lotissementer

**Lotissement « Um Kécker » zu Éinen**

10 x ☑

*De Conseiller Pierre ADAM verléisst den Dësch a stëmmt net mat of.*

De Gemeenerot geneemegt de Lotissement vum Terrain « Um Kécker » zu Éinen bei deem d'Parzell 5466/9476 a fënnef Louse gedeelt gëtt fir kënnen zwee jumeléiert Zweefamilljenhaiser drop ze bauen. De Gemeenerot beoptraagt de Schäfferot zwee Lousen (Lous 4: 12 Zenitar, Lous 5: 1 Zentiar) aus dem Domaine Public Communal ze deklasséieren an an den Domaine Privé communal ëmzeklasséieren.

**Lotissement « Rue Isidore Comes » zu Éinen**

11 x ☑

Am Kader vun engem geplangte Projet sollen Terrainen an der « Rue Isidore Comes » zu Éinen mat de Parzellnummeren 170/6182; 171/4718 et 173/4609 zesummegeluecht ginn.

### 8. Bauprojet Pavillon « Am Puddel » zu Éinen - Pläng an Devis

11 x ☑

Mat der grousser Beléiftheet vum Puddel als Openthaltsplaz, klëmmt och d'Nofro no engem Kiosk. Vun Ufank un war am Projet e Pavillon mat virgesinn. Déi initial Pläng mat de maximalen Héichwaasserschutzmesuren hunn awer de Budget gesprengt. De Schäfferot war sech eens, datt de Pavillon wuel funktionnel a flott soll sinn, et awer och kee Prunkbau sollt ginn. Nei Pläng sinn an der Bautekommissiounssitzung vum 15. Februar diskutéiert ginn. De Schäfferot kënnegt un d'Kritikpunkten aus dem Avis vun der Bautekommissioun an enger Reunioun mat den Architekten vu YO studio an dem atelier d'architecture DBA ze äusseren. De Gemeenerot gëtt 871.593,03 € fir de Pavillon fräi.

### 9. Geneemegung vun engem Pachtvertrag

11 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert de Pachtvertrag tëscht der Gemeen (Bailleur) an der Ehegemeinschaft vum Här Victor Domingos RIBEIRO SOARES an der Madamm Beatriz FERNANDES BLANCO (Piechter). Dat gepachtent Land betrefft eng Sträif vun der Parzell 352/7518 an der « Rue de Donven » zu Meechtem an de Vertrag leeft vum 1. Januar 2024 un. Fir déi gepachte Sträif sinn all Joer 50,00 € ze bezuelen an si erméiglecht de Leit e Wee hannert hirt Haus.

### 10. Extraordinär Subsiden

11 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot follgenden Associatiounen eng finanziell Ënnerstëtzung ze accordéieren :

| | |
|---|---|
| 250,00 € | Île aux clowns<br>Opronne vum Erléis vun der Kleeserchersfeier zu Wormer |
| 100,00 € | Lëtzebuerger Landesverband fir Beienzuucht |
| 1.500,00 € | Entente des sociétés Meechtem<br>Schëffsnavett mat der M.S. Princesse Marie-Astrid um Däitsch-Lëtzebuerger Wäinhappening tëscht Meechtem an Nëttel |
| 2.500,00 € | Autisme Luxembourg<br>Ersatz fir d'Chrëschtkaddoe vum Enn vum Joer 2022 |
| 2.500,00 € | Stëmm vun der Strooss<br>Ersatz fir d'Chrëschtkaddoe vum Enn vum Joer 2023 |
| 75,00 € | HB Museldall<br>Broschür |

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 11. Promotioun vun engem Fonctionnaire

No 12 Joer an der Karriär vum Redakter an nom Absolvéiere vun de néidege Formatiounen an Examen, erfëllt eng Fonctionnairin vum 1. Juni 2024 un all d'Konditioune fir an de Grad 11 supérieur vun der Karriär B1, sous-groupe administratif, ze kommen.

ENN VUN DER SITZUNG ■

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*jeudi, 22 février 2024*

**Présents:** Le bourgmestre Max HENGEL; les échevins Claude PUNDEL et Mathis AST; les conseillers Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN et Judith KOHLER; le secrétaire Jean-Jacques HELLERS

**Début de la séance:** 17.00 Auer

## SÉANCE PUBLIQUE

*Le bourgmestre demande d'ajouter un point (6.a) à l'ordre du jour.*

### 1. Arrêté du Ministre des Affaires Intérieures - Budget rectifié 2023 et budget 2024

Le Collège échevinal informe le Conseil communal que le Ministre des Affaires intérieures n'a exprimé que deux petites remarques concernant le projet de budget pour l'exercice 2024.

Une modification doit être apportée au budget concernant le contrat de leasing de la voiture du service forestier. Les coûts de chauffage des églises, bâtiments propres à la Commune, ont également été examinés plus attentivement par le Ministère.

### 2. Compte administratif et compte de gestion 2022 - Avis

11 x ☑

Dans le rapport du 15 janvier 2024, établi dans le cadre du contrôle des comptes de l'exercice 2022, la Direction du contrôle de la comptabilité communale a relevé quelques petits oublis. Le Conseil communal décide de prendre la position suivante:

Le prix de l'eau et des eaux usées n'est toujours pas conforme à la loi, notamment pour le secteur de l'HORECA, où des tarifications spécifiques doivent être appliquées. La Commune remplira ses obligations légales dès que tous nos villages seront raccordés à la station d'épuration régionale. Le principe de couverture des coûts en matière d'eau est un chantier important que la Commune doit mettre en pratique.

Concernant les décomptes finaux du parking Cimetière, il apparaît que les dépenses réelles dépassent largement le devis approuvé. Les travaux sur le mur ont totalement fait exploser les coûts. Bien que les fonds nécessaires aient été budgétisés, le Conseil communal aurait dû voter un devis supplémentaire.

Toute tentative de contact avec le promoteur du PAP Pälchesgäertchen concernant la garantie bancaire manquante ont été vaines. La faillite du promoteur complique la rectification de cette situation dans les comptes.

### 3. Présentation du Plan pluriannuel de financement 2024-2029

Le bourgmestre présente le PPF, un plan financier s'étendant sur pusieurs années. Cet outil est utile à l'élaboration de prévisions financières. Pour tout projet inscrit au budget, il y a des dépenses y relatives et celles-ci requirent un plan de financement prévoyant.

Le PPF met en évidence le besoin du financement de la Commune. Si l'on prend par exemple la période 2025-2029, des dépenses de 28.600.000,00 € sont prévus.

### 4. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 3.243.220,70 €. De ce montant, 1.661.466,00 € se rapportent encore à l'exercice 2023 et 1.581.754,70 € à l'exercice 2024.

### 5. Recours à la Réserve budgétaire

11 x ☑

Le Conseil communal a libéré la réserve budgétaire de 1.128.189,61 € pour résoudre les problèmes actuels de trésorerie. Cette réserve financière a été constituée au fil des années grâce à l'excédent de l'impôt commercial. La présence d'un emprunt empêche l'accumulation de la réserve budgétaire.

### 6. a) Recours à une ligne de trésorerie

11 x ☑

Le Conseil communal donne son accord de principe pour contracter une ligne de trésorerie à durée limitée (3 ans) de 3 millions d'euros, destinée à être utilisée en cas d'éventuels problèmes de trésorerie.

### 6. b) Recours à l'emprunt

11 x ☑

Le Conseil communal charge le Collège échevinal de solliciter des offres auprès des banques pour un emprunt de 11 millions d'euros afin de financer les projets du budget extraordinaire tout en maintenant l'équilibre financier.

### 7. Lotissements de terrains

**Lotissement « Um Kécker » à Ehnen**

10 x ☑

*Le conseiller Pierre ADAM quitte la table des séances et ne prend pas part au vote.*

Le Conseil communal approuve le lotissement du terrain « Um Kécker » à Ehnen divisant la parcelle 5466/9476 en cinq lots pour la construction de deux maisons bi-familiales jumelées. Outre la demande de morcellement, le Conseil communal charge le Collège échevinal de procéder au déclassement de deux lots (lot 4: 12 centiares, lot 5: 1 centiare) du domaine public communal.

**Lotissement « Rue Isidore Comes » à Ehnen**

11 x ☑

Dans le cadre d'un projet, des terrains situés dans la « Rue Isidore Comes » à Ehnen, portant les numéros de parcelles 170/6182, 171/4718 et 173/4609, seront fusionnés.

### 8. Projet de construction d'un pavillon « Am Puddel » à Ehnen - Plans et devis

11 x ☑

La popularité du « Am Puddel » en tant que lieu de rencontre augmente la demande de présence d'un stand de vente. Dès le début, un pavillon était prévu dans le projet. Les plans initiaux comprenaient le maximum de mesures de protection contre les inondations, ce qui dépassait le budget.

Le Collège échevinal s'est mis d'accord que le pavillon soit à la fois fonctionnel et esthétique, mais sans pour autant être un édifice pompeux. De nouveaux plans ont été discutés lors de la réunion de la commission des bâtisses du 15 février. Le Collège échevinal prend en compte les critiques issues de l'avis de la commission lors d'une réunion avec les architectes de YO studio et de l'atelier d'architecture DBA. Le Conseil communal débloque 871.593,03 € pour la construction du pavillon.

### 9. Approbation d'actes notariés

11 x ☑

Le Conseil communal approuve le contrat de fermage conclu entre la Commune (bailleur) et la communauté d'époux de Monsieur Victor Domingos RIBEIRO SOARES et Madame Beatriz FERNANDES BLANCO (preneur à ferme). La surface donnée à bail concerne une bande de la parcelle 352/7518 située dans la « Rue de Donven » à Machtum. Le contrat prend effet le 1er janvier 2024. Un loyer annuel de 50,00 € est à payer pour la bande louée, permettant aux habitants d'avoir un accès à l'arrière de leur maison.

### 10. Subsides extraordinaires

11 x ☑

Sur proposition du Collège échevinal, le Conseil communal accorde les subsides extraordinaires suivants:

| | |
|---|---|
| 250,00 € | Île aux clowns<br>arrondir le montant des recettes de la fête de St. Nicolas à Wormeldange pour atteindre la somme de 1000,00 € (Entente Wormer) |
| 100,00 € | Lëtzebuerger Landesverband fir Beienzuucht |
| 1.500,00 € | Entente des sociétés Meechtem<br>Navette M.S. Princesse Marie-Astrid pour le « Wäinhappening » entre Machtum et Nittel |
| 2.500,00 € | Fondation Autisme Luxembourg<br>Don en tant qu'alternative aux cadeaux de fin d'année 2022 |
| 2.500,00 € | Stëmm vun der Strooss<br>Don en tant qu'alternative aux cadeaux de fin d'année 2023 |
| 75,00 € | HB Museldall<br>Brochure |

## À HUIS CLOS

### 11. Promotion d'un fonctionnaire

Après 12 années de service dans la carrière de rédactrice et après avoir complété les formations et examens nécessaires, une fonctionnaire remplit toutes les conditions pour accéder au grade 11 supérieur de la carrière B1, sous-groupe administratif, à partir du 1er juin 2024.

FIN DE LA SÉANCE■



Generalversammlung Syndicat d'Initiative - 12. Mäerz 2024



3. Editioun vum Wine Lights Enjoy - 2-3. Februar 2024



Generalversammlung vun natur & ëmwelt Sektioun Wormer - 23. Februar 2024



Borregbrennen Um Kundel vun Dii Wormer - 18. Februar 2024



Grouss Scheckiwwerreechung - 26. Mäerz 2024



Generalversammlung Helicopter Sprëtzgenossenschaft Wormer Lenningen - 10. Abrëll 2024

Kick-off vun de berodende Kommissiouen - 22. Januar 2024

GENANNTE MEMBEREN OP DER SÄIT 2-4



Visitt vun enger Delegatioun aus dem Kameroun - 29. Mäerz 2024



# Réckbléck

Dës Rubrik vum Naue Fuedem couvréiert dat éischt Trimester aus dem Joer 2024.



Järlech Personalfeier - 19. Januar 2024



## TRADITIONELL PERSONALFEIER

De Schäfferot hat den 19. Januar 2024 op d'Betribsfeier an de Restaurant Mathes zu Ohn agelueden. Nieft den Employéeën a Beamten aus der Gemeeneverwaltung an den Aarbechter aus dem Atelier war och de Gemeenerot an d'Ekipp vum Fierschter agelueden.

Eng besonnescht Unerkennung krute laangjäreg Mataarbechter: Nella Afonso Gomes (Pensioun, 25 Déngschtjoer), Salete Ribeiro De Jesus (25 Déngschtjoer), Michael Weinandy (Pensioun).

Op der Joresfeier vun der Gemeng huet, stellvertriedend fir de Max Hengel, de Schäffen Claude Pundel hinne Merci gesot fir hiren Engagement an der Gemeen an e klenge Kaddo iwwerreecht.

Ënnert de Neizougäng, déi fir d'éischt un der Feier deelgeholl hunn, waren d'Lynn De Sousa (Entrée en Service 1. Mäerz 2023), d'Claire Oms (Entrée en Service 1. Abrëll 2023), Indra Ozolina (Entrée en Service 1. Juli 2023).






# Kramer, Radlader






## NEI MASCHINNE FIR BESSERT SCHAFFEN

D'Gemeen investéiert reegelméisseg an hire Fuerpark. No 20 Joer huet deen ale Radlader vun der Mark JCB e gudden Déngscht geleescht. Fir eng nei Aarbechtsmaschinn huet de Service Technique verschidden Offeren analyséiert. Gefall ass de Choix et op eng vun der Mark Kramer.

La Commune investit régulièrement dans son parc de véhicules. Après 20 ans de bons et loyaux services, le vieux chargeur sur pneus de la marque JCB a été donnée en reprise pour en acquérir un nouveau. Après avoir analysé différentes offres, notre Service Technique a opté pour une machine de la marque Kramer.

## HAAPTINFORMATIOUNEN
DONNÉES PRINCIPALES

**MARQUE** Kramer KL 36.5 Radlader

**CATÉGORIE** Machine

**MMA NATIONALE** 5000 kg

**PUISSANCE** 55,4 kW | 75 PS

**1ÈRE MISE EN CIRCULATION** 15/11/2023

**CARBURANT** Diesel

**ACCESSOIRES** fourche à palettes, pelle, balai-brosse

Stëftung Hëllef Doheem „Mënschlech a kompetent“

Mit unserem häuslichen Pflegedienst in der Gemeinde Wormeldange durch den wir bereits seit über 20 Jahren den Einwohner*innen unsere Dienste anbieten, können wir auf eine lange und enge Zusammenarbeit mit der Gemeinde Wormeldange zurückblicken.

Unser Hauptanliegen ist es, dass Sie als Einwohner*innen der Gemeinde Wormeldange so lange wie möglich in Ihrer gewohnten häuslichen Umgebung bleiben können.

Um Sie in ihrem Alltag bestmöglich unterstützen zu können bieten wir die unterschiedlichsten Hilfen und Pflegeleistungen an:

- Unterstützung bei der Körperpflege und beim Essen
- Durchführung ärztlicher Verordnungen wie z.B. Verbände und Spritzen
- Unterstützung im Haushalt wie z.B. Putzen, Einkäufe erledigen, Wäschedienst
- Sicherheit im häuslichen Umfeld durch unseren Telealarm
- Begleitung beispielsweise beim Einkaufen oder für Arztbesuche
- Individuelle Betreuung bei Ihnen zu Hause

Die unterschiedlichen Leistungen werden im Rahmen der Pflegeversicherung, der Gesundheitskasse und/oder in Eigenbeteiligung angeboten.

Um Ihre konkrete Anfrage zu den benötigten Pflege- und Hilfsleistungen zu erfahren, können sie uns gerne von montags bis freitags zwischen 8:00 und 17:00 Uhr in unserem Pflegezentrum in Grevenmacher unter der Telefonnummer: 402080-3100 anrufen.

Wir sind auch immer außerhalb der Bürozeiten für Sie unter der bekannten Telefonnummer 402080-3100 erreichbar. Ihr Anliegen wird dann von Sécher Doheem entgegengenommen und an unser Pflegezentrum weitergeleitet. Wir melden uns danach schnellstmöglich bei Ihnen zurück.

Wir freuen uns auf Sie!

Die Stëftung Hëllef Doheem ist seit 1999 ein verlässlicher Partner an ihrer Seite.

**#aguddenhänn**

Adresse postale : B.P. 1878 | L-1018 Luxembourg | Siège : 48a, avenue Gaston Diderich | L-1420 Luxembourg | Tél. : 40 20 80 | Fax : 40 20 80-6609 | www.shd.lu
info@shd.lu | CCPL : LU31 1111 1557 5570 0000
Fondation reconnue d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 29 octobre 1999. En matière d'agrément la fondation est conforme à l'article 1 de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique. RCS G51.


FREE WIFI ZONE
Public
NETWORK
internet
PASSWORD

Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique

MATDEELUNGEN
Elektronesch Facture



# Recevez vos **factures** par **email** et **consultez-les** en un seul **clic !**

Un geste écoresponsable & citoyen

Plus d’informations
auprès du guichet citoyen
de votre commune

Wormer
d’Rieslingsgemeen

Buvette & Vestiären

# Fussballs-terrain

1999 ass de Komplex, esou wéi mer en haut kennen, ageweit ginn. No ronn 20 Joer gëtt den alen Deel den haitegen Ufuerderungen ugepasst. D'**Renovéierungsaarbechten** an d'**Extensioun** um Fussballsterrain Am Ga solle fir d'Summerpaus 2024 ofgeschloss sinn. Dobäi ginn d'**Buvette an d'Vestiäre** fir dee gréisste Sportsveräin aus der Gemeen, dem FC Koeppchen Wormer, opgebessert. Um 1. Stack gëtt de Komplex gëtt ëm e **Fitnessraum** méi räich. Wärend dem Projet ginn och verschidde **Sécherheetsaspekter** verbessert an den Terrain gëtt mat **LED-Beliichtung** ausgestatt.

Gesamtkäschte vum Projet: 3.447.522,00 €

En 1999, le complexe, tel que nous le connaissons aujourd'hui, a été inauguré. Environ 20 ans plus tard, la partie ancienne est adaptée aux exigences actuelles. Les **travaux de rénovation** et d'**extension** du terrain de football Am Ga devraient s'achever pour la pause d'été 2024. Cela inclut l'amélioration des installations, telles que la **buvette et les vestiaires** pour le plus grand club sportif de la commune, le FC Koeppchen Wormeldange. Au premier étage, le complexe sera enrichi d'une **salle de fitness**. Pendant le projet, plusieurs **aspects de sécurité** seront également améliorés, et le terrain sera équipé d'un **éclairage LED**.

Coût total du projet : 3.447.522,00 €.





# Caves Gindt

De Keller ënnert der Gemeen ass fäerdeg renovéiert. Schlësselelementer sinn d'**Terrazzobiedem**, e **Beliichtungskonzept** an eng sophistiquéiert **Insonorisation**. An der Entrée ass een ale Pëtz mat enger gliesener Plack couvréiert.

Am impressionnante **Kräizverwëllef** kënnen Koppelen sech an Zukunft d'Jowuert ginn, mee dat ass net dat eenzegt Element wat de Keller esou besonnescht mécht. Aus der Geschicht geet ervir, datt d'Gebai ursprénglech der Famill Gindt gehéiert huet, engem bekannten Wënzer a Wäinhändler. Aus deem Grond gëtt am ganze Keller un d'Welt vum Wäin erënnert.

Gesamtkäschte vum Projet (Entrée, Salle de mariage, Toilettes, Cuisine, etc.): 1.773.965,04 €

Le sous-sol de la mairie a été entièrement rénové. Les éléments clés sont les **sols en terrazzo**, un **concept d'éclairage** et une **insonorisation** sophistiquée. Dans l'entrée, un vieux puits est recouvert d'une plaque en verre.

Dans l'impressionnante **voûte en croix**, les couples pourront se donner leur consentement mais ce n'est pas le seul élément qui rend le sous-sol si spécial. L'histoire révèle que le bâtiment appartenait initialement à la famille Gindt, un vigneron et négociant en vin renommé. C'est pourquoi tout le sous-sol évoque le monde du vin.

Coût total du projet (Entrée, Salle de mariage, Toilettes, Cuisine, etc.):: 1.773.965,04 €.





TERRAZZO BUEDEM

SOL EN TERRAZZO



AKKUSTESCH PLACKEN

PANNEAUX ACOUSTIQUES





INDIREKT BELIICHTUNG

ÉCLAIRAGE INDIRECT



30. MÄERZ 2022: VIRDRUN

30 MARS 2022: AVANT




Erneierbar Energien

## WÄRMEPOMPEL

An enger Zäit vu Klima- an Energiekris, huet d'Gemeen Wormer beschloss nei Aarte vu Subsiden anzeféieren. 2022 ass d'Wärmepompel mat an d'Subsidiereglement erageholl ginn. Am Kader vum Klimapakt presentéiere mir iech interessant Temoignagë vu Persounen déi iwwert hirt Notze vun erneierbaren Energiequellen zielen.

Mir hunn eis mam Nico SAUBER getraff, fir eis mat him iwwert seng Wärmepompel ze ënnerhalen.

Den Nico SAUBER ass pensionéierten Ingenieur a kënnt aus dem Beräich vun der Nuklearer Sécherheet an Iwwerwaachung. 1976 ass hien an d'Gemeen komm, 1975 ass d'Baujoer vu sengem Haus fir dat hien Ufank Mäerz 2024 eng Wärmepompel a Betrib geholl huet.

**Wat war är Motivatioun fir den Ëmstig op eng méi klima-fréndlech Heizung ?**
Ech wollt méi vun de fossille Brennstoffer ewechkommen a sinn oppe fir nei Technologien.

**Hunn d'Subsiden och zu ärer Motivatioun bäigesteiert ?**
A mengem Fall waren d'Subsiden ausschlaggebend. Awer och mat der Primm ass et nach ëmmer deier an d'Installatioun ass eréischt no Joren amortiséiert. Mee soulaang ech mat menger Wärmepompel an engem gudde Beräich leien, z.B e Verhältnis 1:2 oder 1:3 dann ass et fir mech sënnvoll domat ze fueren an ech bereien déi Investitioun net. (NDLR: mat 1 kWh Stroum, 3 kWh Hëtzes produzéieren)

**Wéi sidd dir de Projet vun der Wärmepompel ugaangen ?**
Ech preparéieren dëse Chantier scho méi laang. Ugefaangen huet et mam Wonsch eng Photovoltaïk-Anlag op mengem Daach ze installéieren, mee dat ganzt lescht Joer war wéinst dem Queeschstelle vum Haaptfournisseur fir Wiesselriichter näischt um Marché ze kréien.
Als geléierten Ingenieur beschäftegen ech mech gäre mat Zuelen. Dofir hunn ech mech am Virfeld mat de Virlaftemperature beschäftegt an déi och opgezeechent. Zousätzlech hat ech vill Gespréicher mat Heizungsinstallateuren an Elektriker fir zesummen déi beschte Léisung fir eng besteeënd Situatioun ze fannen an se sou wirtschaftlech wéi méiglech ze maachen. D'Haus huet duebelfachverglaaste Fënsteren an ass thermesch och gutt isoléiert. Virun engem Joer hu mir eis Mazoutsheizung ersat, déi war 20 Joer al.

**Wat hutt dir dann no deene Gespréicher geroode kritt ?**
An den Diskussiounen mat dem Heizungsinstallateur a mam Elektriker wollt ech wëssen firwat dëst an net dat. Ech wollt en Heizsystem dat zu mengem Bestandshaus passt, an et huet sech erausgestallt, datt dat d'Hybrid-Wärmepompel ass. Daat heescht eng Wärmepompel mat besteeënder Mazoutsheizung. Hei ginn d'Stärkte vu béide Systemer genotzt.
Duerch de Solarstroum deen ech entre-temps selwer produzéieren, kann ech och meng Wärmepompel bedreiwen.

**Wéi gesäit et mam Kaméidi aus ?**
Well déi 3 Meter Ofstand zum Noper a mengem Fall net gi waren, steet meng Wärmepompel bannen an der Garage. Zum Kaméidi kann ech näischt soen, ech héieren se net a stéiere meng Noperen och net.



**Wormer**
d'Rieslingsgemeen



# Et si la pompe à chaleur vous offrait ...
## une solution efficiente et écologique pour chauffer votre logement.

Alors qu'aujourd'hui l'accent est mis sur les solutions durables, les pompes à chaleur prennent une place d'autant plus importante. Cette technologie éprouvée offre non seulement un moyen efficace de chauffer les bâtiments, mais se révèle également être une alternative prometteuse pour minimiser l'impact environnemental.

Les pompes à chaleur utilisent l'énergie thermique disponible dans l'environnement, que ce soit dans l'air ou le sol, pour produire de la chaleur. Pour mesurer cette efficacité, on se réfère au COP (coefficient de performance), qui exprime le rapport entre l'énergie thermique produite (kWh) et l'électricité nécessaire (kWh). On observe ainsi que par rapport aux systèmes de chauffage fossiles, les pompes à chaleur offrent un avantage considérable grâce à leur efficacité énergétique.

**Préjugés contre les pompes à chaleur**

Il existe encore de nombreux mythes sur les pompes à chaleur, comme par exemple : « les pompes à chaleur ne peuvent être utilisées dans les anciennes constructions ». Mais la pompe à chaleur est pourtant bien une option dans les bâtiments anciens, et cela également en utilisant les radiateurs existants. Seule leur efficacité est légèrement plus faible que dans les nouvelles constructions qui disposent d'un chauffage au sol.

Si vous envisagez d'installer une pompe à chaleur dans votre maison, Klima-Agence met à votre disposition une check-list afin de vous permettre d'avoir une vue d'ensemble lors de son installation. Dans cette liste établie par nos experts, vous trouverez les éléments auxquels vous devez prêter attention lors de l'installation et de l'utilisation d'un tel système : les possibilités de réglage de votre installation, les autorisations nécessaires, les contrôles à réaliser et les différents types de pompes à chaleur. Le document fournit également un petit glossaire qui explique les termes techniques que vous risquez de rencontrer. Profitez aussi du conseil Klima-Agence, si vous avez d'autres questions.

**Retrouvez la check-list ici**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

Wormer
d'Rieslingsgemeen

# DEMANDE POUR UN JOB ÉTUDIANT - ÉTÉ 2024

*Administration ou Service Technique*

**Je soussigné(e),** ____________________ ____________________
Nom(s) Prénom(s)

Demeurant à ________ ____________________
Numéro Rue

L-☐☐☐☐ ____________________
Localité

Né/e le ____________________ à ____________________

Matricule ☐☐☐☐ ☐☐ ☐☐ ☐☐☐☐☐

N° Téléphone ____________________ Email ____________________

Nom de la Banque ____________________

Compte courant LU☐☐ ☐☐☐☐ ☐☐☐☐ ☐☐☐☐ ☐☐☐☐

Inscrit(e) à l'école ____________________

**souhaite poser ma candidature pour un job étudiant au sein de l'Administration Communale de Wormeldange pour les périodes suivantes (pas modifiables) :**

- ☐ (1) 17.06 - 28.06.2024
- ☐ (2) 01.07 - 12.07.2024
- ☐ (3) 15.07 - 26.07.2024
- ☐ (4) 29.07 - 09.08.2024
- ☐ (5) 12.08 - 23.08.2024
- ☐ (6) 26.08 - 06.09.2024
- ☐ (7) 09.09 - 20.09.2024

La durée du contrat est de 2 semaines, fixant un horaire de travail de 7h - 12h00 et de 13h - 16h00. Seules les candidatures d'étudiants résidents sont recevables. Les candidat(e)s doivent être âgé(e)s d'au moins 16 ans et d'au plus 21 ans le jour de la demande. **La demande doit obligatoirement être accompagnée d'un certificat de scolarité.** Les étudiants ne peuvent à la fois être embauchés par le « Schoulsyndikat Billek » et la Commune.

Veuillez agréer, Mesdames, Messieurs, l'expression de mes sentiments distingués.

____________________, le ____________________ ____________________
localité date signature

**La demande pour un job étudiant doit parvenir au Bureau des Ressources Humaines (c/o DA SILVA Vanessa) jusqu'au 24 mai 2024 par voie postale ou électronique (vanessa.dasilva@wormeldange.lu).**



Leie loossen = illegal

Krankheetserreger

Verschmotzung

# Keng Panik,
# d'Léisung ass einfach:









| | | | |
|---|---|---|---|
| Hand an d'Tut | Heldenhaft oprafen | Hop! Tut zou | Missioun erfëllt |




Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
EbL
ebl.lu / info@ebl.lu

Wormer
d'Rieslingsgemeen

# ADMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

ANNUAIRE 95, rue Principale L-5480 Wormeldange 76 00 31 - 1 www.wormeldange.lu

| | |
|---|---|
| **Collège échevinal** | Max HENGEL<br>Claude PUNDEL<br>Mathis AST |

## SECRÉTARIAT COMMUNAL — secretariat@wormeldange.lu — Téléfax 76 84 92

| | | |
|---|---|---|
| Secrétaire communal | Jean-Jacques HELLERS | 76 00 31 - 1 |
| Secrétariat | Pascal WELTER | 76 00 31 - 309 |
| | Vanessa DA SILVA | 76 00 31 - 300 |
| | Lynn DE SOUSA | 76 00 31 - 353 |
| | Steve NEISES | 76 00 31 - 307 |
| Communication et Relations Publiques | Lis STEINMETZ | 76 00 31 - 335 |

## BUREAU DE LA POPULATION — population@wormeldange.lu — Téléfax 76 84 92

| | | |
|---|---|---|
| État Civil, Indigénat | Marie WALLERS | 76 00 31 - 301 |
| | Claire OMS | 76 00 31 - 354 |

## SERVICE TECHNIQUE — technique@wormeldange.lu — Téléfax 76 00 31 - 316

| | | |
|---|---|---|
| Ingénieur industriel | Carlos CANAS | 76 00 31 - 306 |
| Technicien diplômé | David CAPALDINI | 76 00 31 - 314 |
| Technicien diplômé | Jeff SCHNEIDER | 76 00 31 - 355 |
| Rédacteur | Lynn KETTEL | 76 00 31 - 317 |

## RECETTE COMMUNALE — recette@wormeldange.lu

| | | |
|---|---|---|
| Receveur communal | Sébastien MAY | 76 00 31 - 303 |

## URGENCES TECHNIQUES

| | |
|---|---|
| Eau | 76 00 31 - 342 |
| Voirie | 76 00 31 - 357/340 |
| Bâtiment | 76 00 31 - 352 |

## AUTRES

| | |
|---|---|
| Centre forestier | 24 75 66 98 |
| Ecole fondamentale | 621 35 57 13 |
| Maison Relais | 76 06 03 - 300 |
| CIS Wormer | 49 771 - 47 96 |

## - IMPRESSUM -

**DIRECTION DE LA PUBLICATION**
Collège Échevinal

**GRAPHISME ET PRODUCTION**
Service Communication

**PHOTOGRAPHIE**
Carlo RINNEN, Service interne

**MISE EN PAGE**
Service Communication

**RÉDACTION**
Collège Échevinal, Service Communication

**CORRECTION ET RELECTURE**
Collège Échevinal, Armand BECKER

**IMPRESSION**
Imprimerie OSSA

**QUANTITÉ D'IMPRESSION**
1350 exemplaires

FSC
www.fsc.org
MIXTE
Papier issu de sources responsables
FSC® C179465

OS PRINTED IN LUXEMBOURG

PERFORMANCE myclimate neutral Imprimé
01-18-878020
myclimate.org

# WINE
# TASTE
# ENJOY

**19.05. + 20.05.2024**

Den traditionelle Päischtweekend vun den oppene Kellereien an der Lëtzebuerger Musel-Regioun.



#mengmusel

VISIT MOSELLE
LUXEMBOURG

méi Infoen:
https://wte.visitmoselle-event.lu/